# 1986

## 5.12.1986 : De Kleesche geet duerch d'Duerf

Eng nei Aktivitéit op dem Programm ! D'Gezei gouf gemat vum Marcely Stark. De Staf huet de Musels Camille geschweesst. Kleesche war de Raguets Misch an Houséker de Wiesen Arsène.

A fënnef Haiser woar deen hellege Mann invitéiert ginn : bei d'Famill Meyer, d'Famill Maeder, d'Famill Hein, d'Famill Orth (Zepp) an d'Famill Wies. Hie gouf iwwerall mat Begeeschterung empfaang an enger zweeter Oplo vun der Idee dierft näischt am Wee stoen.

---

# 1987

## 05.12.1987 : De Kleesche kënnt

Grad wéi d'lescht Joer goung de Kleeschen vun de « Wiisser Leit » erëm duerch d'Duerf.

Adressen : Maeder, Zepp, Renckens, Raguet, Wies, Hein.

Dobäi huet de Kleeschen säin « Ënnescht » eng Kéier misse wiesselen aus Geheimhaltungsgrënn. Et hu fungéiert als Kleesche : Raguet Mich resp. Hein Gerry, als Houséker : Schmit Jeff.

---

# 1988

## 05.12.1988 : De Kleesche kënnt

De Kleeschen (lies : Hein Grard) an den Houseker (lies : Schmit Jeff) maachen hiren Tour duerch d'Duerf bei d'Kanner. Dëst Joer offréiere mer dann och all Famill eng Foto vun de Kanner beim Kleeschen. D'Wieder war am Ufank ganz schlecht : et huet riit era gereent ; zum Schluss allerdéngs war et méi dréchen.

Besicht huet de Kleeschen d'Familljen Ruhl, Maeder, Zepp, Renckens, Ferber, Wies, Raguet, Herber an Thoma. Néng Familljen : en neie Rekord !

---

# 1989

## 05.12.1989 : De Kleesche kënnt

Et huet Krämpes kascht, bis mer eng Equipe op de Been haten : Kleesche war de Stark Dany, Houseker de Saksida Nico a Fotograf de Patrick Hermes.

Succès hat déi Organisatioun allerdéngs, wann een d'Invitatioune kuckt, déi de Kleesche krut : an net manner wéi 12 Familljen gouf hie geruff : Renckens, Maeder, Wampach, Raguet, Herber, Wies, Ruhl, Mertes, Viscogliosi, Ferber, Thill, Panza.

---